Kënschtlerpool kulturama.lu

Mat der Plattform kulturama.lu versicht den Edukatiounsministère (SCRIPT), a Kooperatioun mam Kulturministère, de Beräich vun der kultureller Bildung an der Kulturvermëttlung an der Schoullandschaft weider ze förderen, an Initiativen ze ënnerstëtzen, déi nach méi kulturell/kreativ Voleten an de Klassen a Schoulen uviséieren. Alles an enger Philosophie vun enger gemeinsamer Kulturvermëttlung; op pädagogeschem an artisteschem Plang, fir an Zesummenaarbecht tëscht Enseignant(e) a Kënschtler méiglechst differenzéiert Facettë vun der Kulturvermëttlung z'erméiglechen.

1. **Fir Deel vum Kënschtlerpool ze sinn, gi prioritär Persounen zréckbehalen, déi eng oder méi vun dëse Konditiounen erfëllen:**

- ☐ eng kënschtleresch(-pädagogesch) Ausbildung
- ☐ eng kënschtleresch Aktivitéit haaptberufflech ausüben
- ☐ Erfahrung mat Projeten a Schoulen hunn
- ☐ flexibel sinn, fir sech de Schoulhorairen unzepassen.

2. Virnumm

3. Nonumm

4. E-Mailsadress

5. Telefonsnummer (W.e.g. hannendrun uginn, ob d'Nummer dierf op dem Site publizéiert ginn oder net)

6. Adress (fir intern Zwecker. Gëtt net publizéiert)

7. Schéckt weg eng Foto vun Iech separat (mat Ugab vum Copyright) un info@kulturama.lu.

8.Schreift w.e.g. eng kuerz Beschreiwung (5-10 Zeilen) an där Dir Iech presentéiert, Schwéierpunkter vun Ärer Aarbecht (eventuell al Projeten a Schoulen) duerstellt a méiglech Asazberäicher opzielt.

D'Sprooch an där Dir dësen Descriptif schreift, ass Iech iwwerlooss.

Am Descriptif sollen och:

- d'Sproochen opgezielt ginn, an deenen Dir virun enger Klass schwätze kéint,
- de gewënschte Schoulniveau, mat deem Dir wéilt schaffen (z. B. just an den ënneschte Cyclë vum EF, oder nëmmen EF a keen ES oder ëmgedréint resp. all Niveauen).
- Disponibilitéiten vun Iech, fir mat der Léierpersoun an der Klass ze schaffen.
- en ongefëieren Ëmkreess, wou Dir bereet wäert z'intervenéieren.

9. Kräizt w.e.g. eng oder méi Disziplinen un (resp. falls eng feelt, kënnt Dir déi dobäifügen)

- ◯ Theater
- ◯ Literatur
- ◯ Danz
- ◯ Musek
- ◯ Film
- ◯ (Bildend) Konscht
- ◯ Aner